LCD IT4T / one2one

FAQ

1	Keyboard trouble
2	Standby Modus
3	Darkmode
4	Ligawiessel
5	*coming soon*

Meng Tastatur fonctionnéiert entweder guer net oder schreift kõmësch Accēnt'en…!?!1

D'Tastatur muss per *Bluetooth* gekoppelt ginn:

1. Powerbutton laang gedréckt halen bis d'Tastaturbeliichtung ugeet.
2. Bluetooth Knäppchen Nr. 1 laang drécken an unhalen, bis dat déi blo Luucht uewendriwwer ufänkt mat blénken.

3) '*ZAGG Keyboard*' erschéngt ënnert **Einstellungen > Bluetooth**
4) '*ZAGG Keyboard*' uclicken an waarden bis dat et bei **'Meine Geräte'** optaucht



D'Tastatur ass elo mam iPad gekoppelt ✓

5) Elo muss nach d'Tastaturlayout korrekt agestallt ginn. A Letzebuerg notzen mir wéinst eiser Dräisprochegkeet déi Schwäiz-Franséisch Tastatur:

Einstellungen > Allgemein > Tastatur > Tastaturen > Tastatur hinzufügen… *Französisch (Schweiz)*

6) Duerno dréckt een op '*Bearbeiten*' an läscht déi virinstalléiert Tastaturen (*net um Screenshot ze gesinn*) an zidd ☰ déi *Französisch (Schweiz)*-Tastatur op déi iewegt Positioun.



D'Tastatur fonctionnéiert wéi se soll ✓

No 2 Minutten ouni en ze benotzen geet mäin iPad aus an ech muss den Code erem nei aginn… dat nervt!!!1

Einstellungen > Anzeige & Helligkeit > Automatische Sperre:

2 Minuten → 15 Minuten



2 Minuten → 15 Minuten Stand-by Zäit ✓

Wéi kann ech den Dark Mode schnell iwwert den Kontrollcenter (de)aktivéieren?

Als éischt: firwat brauch een dat iwerhapt? Et huet sech erausgestallt, dat Problemer kënnen entstoen, wann Schüler den Dark Mode activéiert hunn, während Enseignanten dat net maachen. E.a. am OneNote goufen bspw. Notizen mam Pencil net méi ugewisen, well d'„Tënt" vum Pencil net méi ze gesinn war.

Fir den **Dark Mode** (dt. *Modus „Dunkel"*) am Kontrollzentrum ugewisen ze kréien (cf. Screenshot hei ënnendrënner), muss een folgendes maachen…



- **Einstellungen > Kontrollzentrum > Steuerelemente anpassen**

Modus „Dunkel" uclicken



Dark Mode am Kontrollzentrum ✓

Ech wëll an déi nächst Liga wiesselen! Wat muss ech dofir maachen?

Allgemeng Infos:

Den Wiessel an eng méi héig Liga (Sëlwer/Gold) kann aus organisatorësche Grënn emmer **just an der Woch virun enger Vakanz** gemaach ginn.

An d'Sëlwer-Liga kann een fréistens an der leschter Woch am Dezember opsteigen.
An d'Gold-Liga kann een fréistens an der Woch virun der Fuesvakanz opsteigen.

Den Oflaf an dräi einfachen Schrëtt erklärt:

1. Op https://www.lcd.lu/classes-ipad/ dat jeweilegt Formular eroflueden:



2. Déi verschidden Kompetenz-Kriterien vir d'Liga kënnen ze wiesselen **vun engem Enseignant kontrolléieren a bestätegen lossen** (per Ënnerschrëft).
3. Den Tutorial fir an d'Sëlwer Liga (resp. d'Tutorial**s** fir an d'Gold Liga) zesummen mam Formular op **one2one@lcd.lu** schécken.

Nodeems d'one2one-Team vum LCD d'Demande gepréift huet, gëss du automatesch an déi nei Liga gesat.